


#firdebesch

# Informatiounsowend

**den 20 Abrëll 2026**
**zu Suessem Hall Polyvalent**
**19:00 – 21:00**

**Begréissung.**
**Wou ass den Dossier Contournement drun ?**
**Juristesch Aspekter a Froen.**
**Diskussioun a fräi Aussprooch.**

**De Contournement ass dach eng décidéiert Saach?! Oder ?**

**D’Biergerinititative Gemeng Suessem,**
de **Mouvement Ecologogique rég. sud**
d’**Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem**
si nach ëmmer net vun deem Projet iwwerzeecht.



D’BIGS klot viru Geriicht !
D’**Plädoirie** ass fir den **16. Dezember 2026** geplangt.
Mat engem 1. Urtdeel ass dann 2027 ze rechnen.



No ville Varianten a neien Argumenter sinn mär nach ëmmer der Meenung, dass an Zäite vu Klimakris, Biodiversitéitsverloscht a Verloscht vu Liewensqualitéit de Bau vum **Contournement keng zäitgeméiss a keng nohalteg Léisung** fir manner Trafic ass, a weiderhi  géint **wichteg gesetzlech Bestëmmunge verstéisst**.

Firwat mir esou decidéiert sinn, erkläre mir iech den Owend.

**E graffen Historique**

**70ger Joeren**: Plang fir den Uschloss un dat belscht Verkéiersnetz mat Strooss laanscht Suessem

**90ger** Joeren: weider Pläng vu Varianten vun dëser Strooss

**2011**: Informatiounsversammlung mam Minister Claude Wiseler fir den Tracé vum Contournement de Bascharage laanscht Suessem virzestellen – Variant 1

**2012**: Aweiung vun der Zweegleisegkeet vun der Zuchstréck Péiteng-Lëtzebuerg

**Mäerz 2013**: Grënnung vum parteiiwwergräifenden Aarbechtsgrupp „Contournement“ wou d’Ëmweltorganisatiounen also de MOUVECO, Natur&Ëmwelt an d’BIGS agebonne ginn. Dorauser ass d‘NO WAY-Campagne entstanen, Petitioun a Protestmarsch goufen organiséiert.

**September 2013**: Informatiounsversammlung mam Minister François Bausch fir den Tracé vum Contournement de Bascharage duerch d‘Naturazone virzestellen.

**Juli 2016** : Variant 2 gëtt schlussendlech vum Regierungsrot zréckbehalen.

**Oktober 2016**: Déi Suessemer Gemeng geet a Recours géint den APS, d‘Geriicht seet et fir ze fréi si sollen zréckkomme wann den APD publizéiert ass.

**De 17. Juli 2018** gëtt d'Finanzéierungsgesetz an der Chamber gestëmmt – Motif „raison impérative d'intérêt public majeur" héich NOX-Wäerter op der rte de Luxembourg, déi noweislech falsch wuaren. 56 derfir, 2 dergéint an déi 2 Deputéiert vu Suessem – hunn de Sall verlooss an aus Protest net um Vott deel geholl.

**3 Deeg méi spéit** decidéiert de Suessemer Gemengerot mat 10 géint 5 Stëmmen NET géint den APD a Recours ze goen.

**2022** gëtt e neie Plan de Mobilité PNM2035 virgestallt. Aus dem Contournement de Bascharage gëtt e Contournement de proximité, deen ëmmer nach duerch e geschütztent NATURA2000-Gebitt féiert.
Positiv ervirzehiewe sinn hei eng weider Férderung vum Ëffentlechen Transport (dee vum 29. Abrëll 2020 un GRATIS ass), d'mise en place vun engem triangle ferroviaire fir Déifferdeng direkt un d'Eisebunn Richtung Staadt unzeschléissen, pôle d'échange op der Gare Hollerech an den dedoublement vun der avenue de l'Europe zu Péiteng.

**Juli 2022** hate mer zu Lëtzebuerg déi 1. Bëschbesetzung vum Aktivistekollektiv #BOBIBLEIFT an de Camping for Future.

**2023** gëtt eng Tunnelvariant virgestallt déi ënnert dem Bësch erduerch féiere soll. Hei heescht et : Mir mussen ëmdenken! Käerjeng verwerft déi Variant wëll se net méi wollte „vu vir an der Prozedur ufänken" an dann ass déi Variant op eemol technesch net méi machbar.

**2024** Retour op den ehemolegen Tracé mat dem Ënnerscheed, dass d'Firma ST Gobain delokaliséiert soll ginn an doduerch den CR110 net méi muss 5 m ofgesenkt ginn… an angeblech manner Bësch ewech kënnt – wat awer noweislech och net stëmmt.

# Wat ass den aktuelle Stand (no Presentatioun Kordalletude 13.4.2026)?

**Wat mer gewuer gi sinn (well mer ware net agelueden):**

**Suessem wier nëmme méi op Ëmweeër duerch 2 Naturschutzgebidder z'erreechen!**

**-** „Poller"an den d'Ässen

- Opfaart Nidderkuererstross fälllt ewech.

**Zougang mam Auto nëmme méi méiglech**


- duerch erweidert Natura 2000-Zone (Zämerbësch/Bobësch) bei Gare Käerjeng-Suessem, oder
- duerch ZPIN Dreckwiss (zone de protection d'intérêt national) iwwer nei Stéchstrooss déi den Echangeur A13/Contournement an Héicht Cité Tornaco mat der Industriezone Hahnebësch a Nidderkuererstrooss (CR175) verbënnt.

**Gewousst ass awer och zënter laangem:**

D'**Cité Tornaco** géif vun der Autobunn a vum Contournement ageschloss ginn.

Dat bedeit méi Kaméidi a méi Stëbs – dat och op anere Stroossen (z.B. Nidderkuererstrooss, rue Continentale, bd.Kennedy, Cité Ch. De Gaulle).

10 Joer Chantiere, Camionsverkéier, Bëschweeër zou.



**Den Impakt op d'Natur (an domat op de Mënsch) wier massiv !**

**Haaptconclusiounen vun der EIE 2016 („Evaluation des incidences sur l'Environnement") !**

**Déi zréckbehale Variant 2 huet de „bilan de loin le plus négatif" well si iwwer 4 km duerch 2 Bëscher geet.**

**Degradatioun/Zerstéierung vun den zesummenhängende Landschaften**

5 Arte vu natierleche Landschaften iwwer 4 km si betraff:

1) zone rurale tëschent Bascharage an de Bëscher (laanscht Bommelbësch) – Lot 1 Projet 2026
2) den Zaemerbësch, klasséiert Natura-2000-Zone + Vulleschutzzone Lias Moyen (Héicht vun Héierchen)
3) de Bobësch, wou de südlechen Deel als Natura-2000-Zon virgesinn ass – de nördlechen Deel net, obschon och hei déi selwecht al, geschützte Beem stinn
4) Zone rurale tëschent Suessem an de Bëscher
5) Zone rurale am Westen vum Bobësch (EIE: „paysage bucolique et paisible") – Lot 2

Mam **Lot 1 Projet gingen se Enn dëst Joer wëllen ufänken, an duerno mam Lot 2 weider.**

**Natur-, Noerhuelungs- a Fräizäitgebitt**
Fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer ging de Bësch als Noerhuelungs - a Fräizäitgebitt stuark diminuéiert ginn duerch Emissiounen an de Kaméidi.

**Bëschklima gëtt zerstéiert**
Zitat EIE « La variante 2 aura des **répercussions négatives sur le microclimat** sur toute la longueur du tracé. Les répercussions les plus importantes apparaîtront au Nord du **Zämerbësch** mais surtout au niveau du **Bobësch.**
**Agrikultur – Verloscht vun Akerland**
Wärend der Konstruktiounsphas geet schätzungsweis **± 9,2 ha Agrarland verluer** + weider Agrar-Fläche, déi fir d'Neiupflanzung bei der **Kompensatioun** gebraucht gëtt.

**Verloscht u Bëscher**

**Ofholzung vun 5,18 ha Bësch (am Verglach zu de geplangten 5,21 ha am Joer 2016)**
**wat 7,3 Fussballfelder entsprécht. (**Surface standard terrain foot professionnel: 0,714 ha)

**Also: Nei Variant schützt Bëscher net!**
**Verloscht vun 150 Joer al Hobichen an Eechen (Habitat Typ 9160 - besonnesch wäertvoll Beem)**


- 1,78 ha am Natura-2000-Gebitt (Zämerbësch). 2016 nach nëmmen 0,89 ha (zënterhier nei Qualifikatioun).
- 1,87 ha am Bobësch, deen als Natura-2000-Gebitt designéiert ass - esouguer méi héige Punktwert wéi Zämerbësch. Zitat „Grande importance en tant que zone de forêt ancienne ainsi que pour la protection des espèces“, APD 2023.

Niewent dem direkten Ofholze gëtt et den indirekte Randeffekt **Effet lisière –** a béide Bëscher wieren dat schätzungsweis 14 ha, wat 19,6 zousätzleche Fussballfelder entsprécht.

Beem op enger Distanz vun ongeféier 30 Meter op béide Säite vun der Strooss riskéieren no a no ofzestierwen, wéinst hirer méi dënner Schuel si **Hobiche besonnesch ufälleg** fir dës Effekter.


Bemierkenswäert ass dat **exceptionnellt Virkomme vun 9160-Habitat an dëser Géigend** (Bommelbësch, Zämerbësch, Bobësch, Kuesselt, Hahnebësch).

## (Habitat Typ 9160 besonnesch wäertvoll Beem)



**Weider indirekt Auswierkungen**

D'Müller-BBM-Studie huet de **Stickstoffinput** an d'nopesch Natura-2000-Gebidder gemooss. Si kënnt zum Schluss, datt de Referenzwäert vun 0,3 kg N/(ha·a) bis op eng Distanz vun 300 Meter vum Tracé vum Contournement iwwerschridde gët.
Mer hunn dee kumuléierten Effekt vun direkter Ofholzung, indirektem « effet lisière » an Stéckstoffandroungen op de Rescht vum Bësch grafesch duergestallt:



**Zousätzlech geplangten Ofholzung am Hanebësch**

als ‘industriell Kompensatioun’ fir d’Verleeung vu Saint-Gobain (2 ha Eechen- an Hobichenhabitat a geschützten Déierenaarte – 2,8 zousätzlech Fussballteraiën).

**Dat wieren am ganzen e Verloscht vun 21,2 ha Bësch, meeschtens ale wäertvolle Bësch:**

5,2 ha direkt + 14 ha effet lisière + 2 ha Hahnebësch (± 27 Fussballfelder).

**Wichteg CO2-Späicher gi verluer!**

Mat dem **Verloscht** vun de Beem a vu weiderer Buedemfläch géife mer grad esouvill **natierlech $CO_2$-Reservoire** verléieren.
Beem mat hirem wäitgefächerte Wuerzelréseau (a besonnesch al Bëscher wéi hei) si bekannt als wichteg CO2-Späicher.
Déi si grad wichteg als natierlech Kompensatioun zu CO2-Schleideren wéi de Verkéier, d'Heizungen a virun allem d'Industrie (Kronospan, Mittal, Guardian…). Mat direkten Auswierkungen op de Klima!



## Verloscht u Biodiversitéit! Verschidde betraffen Espèces stinn op der Rouder Lëscht a sinn duerch e spezielle Statut geschützt



Murin de Bechstein (Bechsteinfledermaus)
Grand Murin (Große Mausohrfledermaus)



Pie-grièche écorcheur (Neuntöter)
Pic Mar (Mittelspecht)





Cuivre des marais (Großer Feuerfalter)

Milan noir (Schwarzer Milan)





Triton crêté (Kamm-Molch)

Vanneau hupé (Kiebitz)

Milan rouge (Roter Milan)





**Ganz Wichteg: Mir beruffen eis op Natura2000-Direktiv**

Den **Habitat 9160** (**Eechen-Hobichen**) war e **Krittär** fir déi bestehend **Natura2000-Zone** z'erklären – an elo op de Bobësch z'erweideren.

En 2.Krittär war d'Präsenz vu **Moerwise** nieft dem Zämerbësch (**Habitat 6510**).

Ouni **europäesch Habitat-Direktiv** – a mat nëmmen dem lëtzebuergesche Naturschutzgesetz – wieren eis Chancen net esou grouss.

NATURA 2000

**Well Natura2000-Zone bedeit: e besonnesche Schutz.**

Sinn hei Aarbechte geplangt muss **fir d'1. eng EIE** (Evaluation des Incidences sur l'Environnement naturel et humain) gemeet ginn.

Stellt déi **eng signifikativ Atteinte** op esou eng Zone fest (wat hei de Fall ass!) oder sinn europäesch geschützten Aarte betraff (wat och de Fall ass!) kann nëmme gebaut gi wa follgend Bedingungen erfëllt sinn:

1. wann eng « **raison impérative d'intérêt public majeur** » virläit (en einfachen « intérêt public » no nationalem Recht geet net duer)

2. wann **all Alternativ ausdrécklech a noweislech ausgeschloss** konnt ginn, also nogewisen ass, dass dat déi eenzeg Méiglechkeet ass

3. wa **Kompensatiounsmoossname** garantéieren, dass d'**Kohärenz** vum Natura2000-Réseau erhale bleift

**Op allen 3 Punkten hu mer deen aktuelle Projet viru Geriicht ugefecht a mer rechnen eis gutt Chancen aus. Hei ass de Staat an der Bewäisflicht!**

**Provisoresche Schutz vum Bobësch**

Den 31. Januar 2024 huet d'Regierung d'Prozedur ageleet, fir de Bobësch an dat bestehend Natura2000-Gebitt anzebannen (avant-projet de règlement grand-ducal).

Laut **Artikel 31 (5) 1° vum Gesetz vum 18. Juli 2018** iwwer **protection de la nature** misst elo den Ëmweltministère d'**Unerkennung vum Natura 2000-Gebitt bei der Europäescher Kommissioun** ufroen.

Dat huet e net wëlles laut Bréif vum 2. Mee 2025 un d'BIGS. E brécht domat d'Gesetz! Virwat?

Well en hofft, maat der "**inaction fautive**" laanscht de provisoresche Schutz vum désigniéierte Gebitt ze kommen. D'Obligatioun, en identifizéiert Natura2000-Gebitt bis zur Decisioun vun der EU-Kommissioun ze schützen gëllt, laut der Jurisprudenz (Draggagin, EuGH, 13. Januar 2005, C-117/03 ff.), och schonn ier d'Kommissioun e Gebitt unerkennt. De Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun bestrooft esou Verhale reegelméisseg. Duerfir hu mer gefrot hien domat ze befaassen, wa sollt en Zweifel bestoen.

**2 zousätzlech Argumenter :**

- Den Impakt vum Projet op d’éi europäesch **Vulleschutzzone** „Lias Moyen“, déi direkt drun ugrenzt, ass net wierklech ënnersicht a berücksichtegt ginn – duerfir war d’EIE onvollstänneg.

- A grad esou ass och den Impakt vum Projet op d’ZPIN (zone de protection d‘intérêt national) **Dreckwiss** net genuch ënnersicht ginn, besonnesch an Hibléck op hir Funktioun als Vulleschutzgebitt.

Weider juristesch Argumenter an Detailer (och nach zu villen anere Froen) fann dir an eisem schrëftlechen Argumentaire zum Contournement, deen der bei eis nofroe kënnt.

**De Contournement wier eng mënschlech a natierlech Katastroph!**

Insgesamt ginge bal **27 Fussballterraiene u gesondem Bësch direkt ewech gemeet oder indirekt** a Fro gestallt – an **domat grad esouvill Habitater fir europäesch geschützte Liewensaarten**.

Dat **steet a kengem Verhältnis zum angebleche Notze** vum „contournement de proximité“ – d‘“**Balance**“ muss hei **zu Gonschte vum mënschlechen a natierlechen Ëmfeld** ausfalen.

**Käerjeng a Suessem** hu mat 19,4 ha resp.15,2 ha am Joer 2010 (Statistikenportal) mat **am mannste Bëscher am Land.**

Dës Bëscher sinn **déi lescht verbleiwend Bëschgebitter tëscht deenen zwou Gemengen**.

**D’Regioun vum fréiere Bassin Minier ass besonnesch staark vun der wirtschaftlecher Entwécklung an enger ausdehnender Urbaniséierung betraff:**

**Industriezonen zu Bascharage** (Glasfabrikatioun), zu **Suessem** (Pressholzfabrikatioun), d'Collectrice du Sud, déi d'ganz **Landschaft** scho souwisou **entstallt** huet, d'Stolwierk, WSA (Erweiderung!), Prisong...

**De Bilan fir Suessem wier mam Contournement an dem Verschwanne vun de leschten Erhuelungsgebitter eng eenzeg Katastroph!!!!!**

**Am Résumé, e puer Begrënnungen vun eisem Recours viru Geriicht:**

**«Raison impérative d'intérêt public majeur» ass net ginn**

**Déi 1. Regierungsentscheedung vum 31. Juli 2016** (klassesche Contournement) **baséiert op Verschmotzungs- a Verkéiersmiessungen zu Bascharage, déi vun Ufank un**, wéi se selwer soen, **fehlerhaft waren**.

Zur Begrënnung huet et geheesch, déi gemoosse Werter liche bei **57 mg/m3** (eng onvollständeg Miessung aus de Joeren 2010/2011) a kéinten ouni Contournement net ënnert de Grenzwert vun 40 mg/m3 gesenkt ginn.

2019 hun d'Ministeren zouginn, dass déi Werter bei der Decisioun net korrekt gemooss goufen, an d'Moossungen net der europäescher Loftschutzdirektiv entsprach hun. Et wier och wir weiderhi mat vill manner Loftverschmotzung ze rechnen :

**Réponse du 07.10.2019 C. Dieschbourg/Fr. Bausch à une question parlementaire:**

**«** Les mesurages réalisés en 2010/11 et 2015 indiquaient des valeurs supérieures à la valeur limite, à savoir 57 et 48 pg/m3 en moyenne annuelle. **Elles ne peuvent toutefois pas être invoquées comme dépassements au titre de la directive 2008/50/CE. En effet, elles ont été réalisées à l'aide de mesures indicatives qui ne remplissaient pas les exigences de qualité de la directive (incertitude de mesure et couverture des données au cours d'une année). (…)**

Les projections d'émissions indiquent une **baisse significative des émissions de NOx** (exprimées en NO2) Jusqu'en 2030. Ainsi, il est prévu que les émissions d'oxydes d'azote du transport routier national (calculées sur base du carburant utilisé sur le territoire national) vont baisser de **22% en 2020 par rapport à 2017 et de 71% en 2030**. »

**D’Entwécklung sollt hinne Recht ginn**.

2016 ass fir d’Decisioun fir de Contournement net aktuellen a korrekt gemoosse Wäert geholl ginn (ënnert dem Drock vun der Contournement-Lobby, Ponts&Chaussées a Wolter).

**Zënter 2017 gëtt korrekt gemooss**, et weist sech: et war ni eng Gefor, an haut leien d’Wäerter esouguer wäit ënnert dem Grenzwäert (Tableau!)

Déi **1. Decisioun vun 2016 vum Regierungsrot** (déi och schonn d’Gemeng Suessem ugefecht hat) **ass duefir ongülteg**.

A mat hir fält **och déi 2. Decisioun vum Regierungsrot vun 2023** (contournement « de proximité ») déi ëmmer nach laut Duerstellung e **« Complément » vun der 1. Decisioun** ass.

| année | moyenne NO2 |
|---|---|
| **2017** | 38 µg/m³ |
| **2018** | 42 µg/m³ |
| **2019** | 38 µg/m³ |
| **2020** | 29 µg/m³ |
| **2021** | 27 µg/m³ |
| **2022** | 25 µg/m³ |
| **2023** | 20 µg/m³ |
| **2024** | 17 µg/m³ |
| **2025** | 22 µg/m³ |

## Concentrations NO2* mesurées par le réseau télémétrique

(Méthode de référence EN14211:2012 ; méthode par chimiluminescence) à Bascharage, 146, rt de Luxembourg

**Valeur limite annuelle : 40 µg/m³ Directive 2018/50/CE**

**Déi 2. Regierungsentscheedung vum 7. Juli 2023** (Contournement de „proximité“) berifft sech op eng **Verkéiersetude**, déi **net vun aktuellen Zuele beluecht ass**.

De Contournement soll elo fir de lokale Verkéier tëscht Käerjeng, Suessem an Nidderkuer, an den do etabléierten Entreprisen do sinn.

Awer da misste fir d’éischt gezilte Verkéierszielunge gemeet ginn iwwer dëse lokale Verkéier. Dës Zuelen existéieren awer net, dës nei «raison impérative d’intérêt public majeur » ass net dokumentéiert. Et gëtt net eemol e permanente Verkéierszähler op der Avenue de Luxembourg zu Bascharage (am Géigesaz zu Dippach), wat den absolutte Minimum wier!

D'**Zil** vum neie «**Contournement de proximité**» wier et elo Autochauffere dovunner ofzehalen d'N5 iwwer Bascharage ze benotzen fir op Lëtzebuerg ze fueren. Si sollen **d'A13 an d'A4 huelen**.

Awer den Dippecher Contournement ass nach net ofgeschaaft, wat am **Widdersproch** zur offizieller Begrënnung steet.

**Déi nei Verkéiersstudie vu 2023 schätzt den Verkéier op der N5 Richtung Dippech no Ofschloss vum Contournement vu Käerjeng op 22.300 Gefierer, wat eng staark Erhéijung géif duerstellen am Verglach mam 2025 gemoossene Wäert vu 12.829 Gefierer zu Dippech.**

Also baséiert déi Regierungsdecisioun op engem Widdersproch.

A natierlech stellt sech och weiderhi d'Fro, op esou e « Contournement de proximité » d'Emleedung vum Verkéier duerch Bëscher a geschützten Naturzone rechtfäerdegt.

Bei der Presentatioun vun der « KORDALL-VERKEIERSETUDE » virun 1 Woch zu Käerjeng war anscheinend gewuer ze ginn, dass no der neier Decisioun fir de Contournement vun 2023 gewësse Verkéierserhiewungen (iwwer Satellit!) erginn hätten, dass nëmmen 21% vum « trafic transfrontalier » géif an d'Staatd goen. D'West-Ost Verbindunge wieren am meeschte benotzt.

Wat beweist, wat mer nach ëmmer gesot hunn, datt dee wierkleche Contournement vu Péiteng, Käerjeng a Suessem d'Collectrice du Sud ass. **Do muss ee mat Verbesserungen usetzen!**

Ausserdeem ginn et vill Méiglechkeete fir den ëffentlechen Transport méi attraktiv ze maachen, zum Beispill duerch de neien P&R deen zu Rodange opgemaach gouf. D'Zweegleisegkeet vum Zuch erlaabt et elo, an 20 Minutten vu Gare Bascharage-Sanem an d'Stad Lëtzebuerg ze kommen.

Trotzdeem ass de neie P&R op der Gare Bascharage-Sanem nëmme fir 2035 geplangt, also nom Contournement.

Et si vill Alternativen zum Contournement an enger 1. Phas vun der Suessemer Gemeng an duerno vun eis entwéckelt ginn, baséierend op Verbesserung vum ëffentlechen Transport a Verkéiersberouegungen.

Och déi meescht Industriegebidder leien un der Collectrice du Sud a sinn un d'Eisebunn ugebonnen. Elo wou quasi just nach d'Industriezone Käerjeng géif vum Contournement profitéiren – déi awer och un d'Eisebunn ugeschloss ass – stellen sech eng Partie Froen:

Wéi vill Camionen a Bussen aus der Industriezone fueren all Dag a wat fir Richtungen?

Wéi kann dee Verkéier anescht wéi duerch de Bësch organiséiert ginn? Mat Verkéiersberouegungen zu Käerjeng a Suessem.

**Variant 0+ (=kee Contournement awer e neit Verkéierskonzept) als WIERKLECH d'ALTERNATIV gouf awer ni betruecht**.

Och aner Varianten a Sous-Variante, déi d'Natur manner belaaschten, goufen net wierklech studéiert, mee verworf, deelweis aus Käschtegrënn, wat net geet. (Grüne Liga Sachsen CJUE, 14.1.2016, C399/14)

Och domatt ass eng wichteg gesetzlech Viraussetzung (Alternativlosegkeet vun der beabsichtegter Léisung) NETT GINN!
Elo wou se och zu Dippech op e Contournement an der Verlängerung vun dem vu Käerjeng verzichte wëllen, ass et un der Zäit all zesummen alternativ Léisungen unzestriewen, dofir muss een sech awer ergebnisoffen breet zesummesetzen, net wéi am Kordall wou Ponts&Chaussées Regie féiert a Präsenz an ënner Drock vum Käerjenger Buergermeeschter!

**De PNM 2035 kann ëmmer nach um Punkt vum Contournement geännert ginn ouni e ganz ze verwerfen. En huet keng juristesch Valeur u séch, ass also net obligatoresch.**

Weiderhin hu mer viru Geriicht begrënnt firwat et falsch war, vum Contournement classique zum Contournement de proximité ëmzeswitchen ouni eng nei EIE-Evaluatioun a Consultatioun vun der Bevëlkerung ze maachen.

Well déi Donneeën, op déi Decisiounen sech begrënne, mussen « appropriéiert », d.h. « komplett, präzis an definitiv » (CJUE 15.5.2014, Briels) sinn.

**Also war d'Decisioun 2023, vum Contournement classique zum Contournement « de proximité » emzeswitchen net gesetzeskonform an ass duerfir annulabel, zesumme mat der Autorisatioun vum 12.3.2024 vum Ëmweltministère déi dorop baséiert!**

**Ausserdeem ass eng wierklech Kompensatioun vun de Schied un der NATURA2000-Zone – eng weider Bedingung fir e Projet z'erlaben- net méiglech:**

- Neiuplanzunge vu Beem kënnen am beschte Fall (wa se ukommen!) eléischt no 150 Joer déi Qualitéit vun den ofgeholzte Bëscher erreechen.
- Déi nei ugeluechte moer Wisen leien niewt dem Contournement, ginn also direkt erëm impaktéiert.
- Déi betraffe Fauna (déi an engem defavorablen Zoustand ass) kritt an dene seltenste Fäll adäquat Ersatzhabitater ugeluecht, e puer Beispiller nëmmen:
    - Fliedermais kréien Hektare vun hierem natierlechen Habitat ofgeholzt an als Ersatz Këschten am Reschtbësch opgehaangen,
    - d'Wëldbréck iwwer d'Autobunn déi elo gebaut gëtt ass eng verspéiten Kompensatioun zur Collectrice, déi virun 30 Joer néideg gewierscht wär. De Contournement späert dem Wëld awer erëm de Wee wäitgehend of.

**- D'Kohärenz vum Natura2000-Réseau bleift also generell net erhalen!**

**WAT WËLLE MÄR ?**

Eisen Appell geet weiderhin un d‘Regierung net mat irgenwelchen Aarbechten unzefänke éier e Geriichtsurdeel virläit dat riskéiert, d‘Decisiounen fir de Contournement z‘annulléiren, well se net gesetzeskonform sinn.

Den Här Wolter huet nämlech viru kuerzem um Radio ugekënnegt - hien ass jo beschtens informéiert - dass d‘Ministesch d‘Soumissioun fir den 1.Lot vu Käerjeng aus laanscht de Bommelbësch (deen och betraff wir), bis bei d‘Eisebunnslinn, giff ënnerschreiwen.

Enn des Joers kéint dann mat den Aarbechten zu Käerjeng ugefaange ginn - zu dem Moment wou d‘Affär de **16.12.2026** virum Verwaltungsgeriicht plaidéiert gët. Si wëllen d‘Urteel net ofwuarden.

Beynac a Frankräich ass esou e vergläichtbart Beispill wou e Contournement an senger Argumentation als „raison impérative d‘intérêt public majeur“ net unerkannt gouf an de Staat condamnéiert ginn ass, bis an déi läscht Instanz, déi scho gebaute Brécken a Stroossendeeler erëm ofzerappen.

Op d‘mannst dee Côut fir onnëtz Aarbechten wir dann fir de Steierzueler an d‘Steierzuelerin gespuert. Dobäi ass iwwerhapt nach net gewousst wéi de Coût vum Contournement schlussendlech wäert ausfalen, dee vum Gesetz vum 17.07.2018 op 139 Mio (indice 814,40) festgeluecht gi war (al Variant). Dem aktuellen Indice (968,04) wieren et mëttlerweil 165 Mio. Dobäi kënnt de Coût vum Delogement vu StGobain deen emol op min. 28 Mio geschätzt gi war. Da si mer net wäit vun 200 Mio € .

Och beim Käschtepunkt  muss d‘Proportionalitéit vum Projet hannerfrot ginn.



## Réckbléck iwwert d'Evolutioun vum Dossier Contournement :

**1970er Joren** (V1) Variant am Zesummenhang mam geplangten Uschloss u Sélange un d'belsch Verkéiersnetz mat Strooss laanscht Suessem.
**Argument** : Méiglechkeeten fir dass Käerjeng sech ka weider entwéckelen.

**1990er Joren** **(V1) laanscht Suessem**

**04.05.2011** Informatiounsversammlung mam Minister Claude Wiseler fir den Tracé vum Contournement virzestellen (V1) laanscht Suessem.

**03.03.2013** Grënnung vum parteiiwwergräifenden Aarbechtsgrupp « CONTOURNEMENT », wou d'Ëmweltorganisatiounen MOUVECO régional sud, NATUR&ËMWELT Gemeng Suessem (deemools nach Vulleschutzliga) an d'BIGS mat agebonne goufen.

**19.09.2013** Informatiounsversammlung mam Minister François Bausch fir den Tracé vum Contournement duerch den Zaemerbësch (Natura2000) an de Bobësch virzestellen (V2) .

**29.07.2016** (V2) duerch de Bësch gëtt vum Regierungsrot festgehalen **(1.DECISIOUN)**
**Argument**: Iwerhéichten NOx-Werter an der Avenue de Luxembourg « raison impérative d'intérêt public majeure », déi ouni de Bau vum Contournement net ënnert de Grenzwäert kéinte falen.

**26.10.2016** Wéi eestëmmeg an der Gemengerotssitzung vum 10.10.2016 beschloss, reecht d'Suessemer Gemeng e Recours géint den APS (avant projet sommaire) vum Bau vum Contournement an. Et gëtt eng ëffentlech Campagne iwwer den Aarbechtsgrupp Contournement gestart.

**15.01.2018** D'Verwaltungsgeriicht verwerft de Recours géint den APS als précoce a seet d'Gemeng soll zréck kommen, wann den APD (avant projet détaillé) publizéiert an de Contournement definitiv autoriséiert wier.

**17.07.2018** Vott vum Finanzéierungsgesetz a Rekordzäit (3 Méint) baséierend op falsche Miesswäerter a falschen an vereelsten Comptage vum Verkéier (Chiffren déi zD 10 Joer zréck lungen)
56 Deputéiert derfir; 2 Deputéiert dogéint an 2 Non participations au vote.

**20.07.2018** De Suessemer Gemengerot beschléisst mat 10 Stëmme géint 5 (bei 15 Gemengeréit di präsent waren, Ufank vun der Summervakanz) NET a Recours ze goen, wann den APD géif publizéiert ginn an de Contournement definitiv géif beschloss ginn.

**20.06.2020** Wärend enger Pressekonferenz kritiséieren d’BIGS, de Mouvement Ecologique régional sud an d’Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem déi falsch Miesswäerte an déi falsch an net aktuell Chiffres déi als Haptargumenter beim Vote vum Finanzéierungsgesetz gebraucht gi sinn.
Domadden wuar d’ « raison impérative d’intérêt public majeure » widderluecht.

**04.03.2021** D’BIGS an Awunner vu Käerjeng a Suessem ginn a Recours géint de Fantom-Projet « Wëldbréck » iwwer den CR 110 an Héicht vun der Käerjeng-Suessemer Gare. Et handelt sech a Wierklechkeet em eng **Deelautorisatioun** fir d’Ofsenkung vum CR110 em 5 Meter fir d’Contournements-Bréck herno kënnen driwwer ze zéien. Dat ass als « ekologesche » Projet « Wëldbréck » verkaaft ginn, fir déi awer ni Pläng virgeluecht gi sinn. Greenwashing!

**20.04.2022** **Presentatioun PNM2035**: aus dem Contournement de Bascharage gëtt e Contournement de proximité – den CR110 soll elo **net méi 5 m ofgesenkt** ginn ma et soll e Rond-point kommen
**Aner Punkten (positiv!)**: nei Buslinnen iwwer N5 Bascharage/triangle ferroviaire Differdange/pôle d’échange gare Hollerich/ dédoublement avenue de l’Europe,

**10.12.2022**

Um Rand vum Bobësch ginn awer nach opgrond vum ale Plang 12 ar Bësch, dovun 4 al Eechen emgeluecht, angeblech well Gas- an Airliquide-Leitungen fir den Départ vun engem neien Uewen vun der Firma GUARDIAN (deen duerno net méi kéint gestoppt gin) missten dringend verluecht ginn.
An engem Référé (Schnellverfahren) gouf decidéiert, dass den ekonomesche Schued méi grouss wir wéi de begrenzte Schued un de Beem.
Dee neien Uewen ass am Juni 2023 a Betrib gaangen, awer ouni dass nei Leitunge geluecht goufen!!!
Dat ass eléischt am November 2023 geschitt an am Dezember 2025 (2 Joer méi spéit) sinn eléischt Leitungen vun AirLiquide ugeschloss ginn.(Am Laf vun 2026 da viraussichtlech déi nei Gasleitunge vu CREOS!).

**Fazit**: Eng Urgence déi keng wuar; nei Leitungen déi net néideg wuaren; onnëtz Zerstéierung vun der Natur an Uschass vun de Bierger.innen a vum Geriicht ! De Fantomprojet « Wëldbréck » war awer emol duerch eis Aktioun gestoppt, et ass net mam Contournement ugefaange ginn.

**15.03.2023** Eng sougenannten alternativ Tunnelvariant déi ënnert de Bëscher soll duerchféieren an d'Industrizone vu Käerjeng direkt kéint ubannen, gëtt dem Gemengerot, der Verkéierskommissioun, der Emweltkommissioun an dem groupe de travail Contournement an der Gemeng Suessem vun der Regirung virgestallt

**29.03.2023** De Gemengerot vu Käerjeng verwerft déi Variant well een dann erëm vu vir mat der Prozedur ufänke misst.

**07.07.2023** De Regierungsrot gëtt dem Drock no an hëllt déi aktuell **Variant 2C** un (**2.DECISIOUN**)
**Et gëtt elo e Contournement de proximité mat Uschloss un CR110.**
**St Gobain** soll ewech kommen an en Deel Strooss féiert iwwert hiren Terrain, doduerch ging de Bobësch manner impaktéiert an esou wier och eppes fir d'Ëmwelt gemeet.
Am Verglach zum ursprünglechen Tracé ginn anstatt 5,21 ha Bësch « nëmmen » 5,18 ha direkt ofgeholzt.
Och Greenwashing!.

**31.01.2024** De Regierungsrot huet e projet de règlement grand-ducal approuvéiert fir de Bobësch (als Kompensatiounsmoossnam) an déi bestehend Natura-2000-Zone (zu deeër den Zaemerbësch gehéiert) anzebezéien. No den europäesche Reegelen steet de Bobësch elo schonn ënnert engem besonnesche Schutz.

**12.3.2024** Trotzdeem leet de neien Ëmweltminister d'Bedingungen vum Contournement definitiv fest deen domadder autoriséiert ass. **Et kann elo gebaut ginn (3.DECISIOUN**). Dem Aarbechtsgrupp Contournement an dem Gemengerot gëtt dat den 22.04.2024 vu Ponts&Chauséées erklärt.

**10.05.2024** De Gemengerot Suessem decidéiert mat 11 zu 5 Stëmmen, NET a Recours ze goen.

**23.05.2024** 1.Reunioun Kordall-Verkéiersétude (P&Ch mat de jeeweilegen Buergermeeschteren, Mobilitéitsschäffen an zoustännege Beamten)
Weder Gemengerot, nach Verkéierskommissioun nach kommunale groupe de travail Contournement ginn forméiert iwwer d'Aarbechten.

**03.06.2024** D'BIGS geet mat 10 Leit vu Käerjeng a Suessem **géint déi 3 DECISIOUNEN a Recours.**

**13.04.2026** Presentatioun Conclusiounen exklusiv fir Gemengeréit a Verkéiers/Mobilitéitskommissiounen vun de 4 Kordell-Gemengen.

**Parallel dann och nach e puer wichteg Ereegnisser déi fir d' Verstoe vum Dossier Contournement wichteg sinn:**

| | |
|---|---|
| **2000er Joren** | Ausbau an Zweegleisegkeet vun der Zuchstreck Péiteng-Lëtzebuerg |
| **29.04.2020** | Gratuitéit vum Ëffentlechen Transport |
| **2023** | P&R Rodange mat 1.600 Parkplazen |
| **12.12.2025** | Klénge Contournement vun Dippech gëtt ageweit (Emgeung Barrière, änlech der fréierer Emgeung Barrière zu Käerjeng duerch Unterführung) |

**Wichteg Momenter vu Sensibiliséierung a partizipativer Demokratie a Klimaziler:**

| | |
|---|---|
| **2014** | Petitioun géint de Contournement mat iwwer 4.000 Ënnerschrëften zu Suessem<br>Protestmarsch mat iwwer 500 Mënschen |

**Friday for Future-Beweegung – grouss Maniffen a Protestaktioune vu Jonken organiséiert.**

| | |
|---|---|
| **Juni 2020** | Luxemburg in transition – Biergerkomitee en vue vun der Klimaneutralitéit vu Lëtzebuerg 2050 – **Eng Fuerderung**: Keng nei Contournements méi!!! Gouf ignoréiert! |
| **Juli 2022** | Camping for Future am Bobësch an 1. Bëschbesetzung zu Lëtzebuerg duerch den Aktivistegrupp #BOBIBLEIFT |
| **CLIMATE CHANGE** | Reegelméisseg Protestmaniffen a Sensibiliséierungsaktioune fir de Klimaschutz an d'Erhale vun der Biodiversitéit |